N°1262
Entrée le 01.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Vill Impfstoffer, déi am Kader vun der Covid-19-Pandemie akaf oder bestallt goufen, hunn um Enn missten zerstéiert ginn, well d'Demande net méi esou grouss war, wéi ufangs gefaart. Wéinst lafende Laangzäitkontrakter, déi ënnerschriwwe goufen, si méi Vaccinen hiergestallt a verkaf ginn, wéi néideg. Dat war weder nohalteg um Ressourcen- an Emmissiounsniveau, nach gutt fir d'Staatsfinanzen. 10 Méint no der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 90 vum 8. Dezember 2023 stellt sech d'Fro no der Entwécklung vun der Situatioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill zousätzlech Impfstoff-Dosen hu missen zerstéiert ginn zënter dem 8. Januar 2024? Kann d'Ministesch eng aktualiséiert Opstellung no Hiersteller liwweren?

2. Wéi héich ass de Käschtepunkt vun den zerstéierten Dosen zënter dem 8. Januar 2024, souwuel fir d'Impfstoffer selwer wéi och fir hir Entsuergung?

3. Gouf et säit dem leschte Bericht Ännerungen am Impfstoff-Bestand? Falls jo, kann d'Ministesch eis eng aktualiséiert Lëscht mat den Oflafdatumer an der Unzuel u Flacone vun all de verschiddenen Impfstoffer liwweren?

4. Wéi vill vun de 464.354 Dose Comirnaty (BioNTech-Pfizer), déi nach erwaart goufen, sinn an der Tëschenzäit geliwwert ginn? Gouf et Ännerungen am Liwwerungsplang fir d'Joren 2024 bis 2026?

5. Gëtt et nei Entwécklungen a Bezuch op d'Verhandlunge mat de Produzenten iwwer d'Liwwerungen an de Präis vun den Impfstoffer? Falls jo, wat sinn d'Detailer vun dësen Entwécklungen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten